Béthune (F) 2024 / WM der Senioren

Bericht vum Fernand Schmitt vum 20.09.2024

Jo, dat wor et dann elo mat den Trainingseenheeten.
Haut souzen mer an der Box 8 Secteur B. Wat soll ee soen. All Dag manner Wäissfësch. Haut huet mol een et probéiert 4 Stonnen Grondelen ze fëschen, 340 Stéck fir 2400 Gramm. Domat wier et ob dee ganze Secteur gekuckt haut 3 Punkten ginn. Just Käpp haten méi.

Den Owend no den Preparatiounen woumat Equipe am Nomëtteg amgaang war, gëtt nom Iessen dann nach eng Kéier déi Woch Revue passéiere gelooss, an da misst a sech jiddereen wëssen wat ze maachen ass. Et ass leider ewéi et ass. Vill aner Natiounen mat deenen mer geschwat hunn, sinn och net richteg viru komm an der Woch. Mir wäerten awer wéi ëmmer probéieren dat Bescht ze ginn. Dréckt eis also Daumen fir muer. Dat brauchen mer sécher all.

Hoffen dass ech Iech muer mat engem positiven Resultat mäin deeglechen Bericht schécke kann.

Secteur A - Bill
Secteur B - Jérôme
Secteur C - Franck
Secteur D - Mike
Secteur E - Fern